Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Zanter dëser Woch gi viru Geriicht d'Virwërf géint d'Gerante vun enger Crèche gepréift. Der Ugeklote gëtt premeditéiert Kierperverletzung géint Kanner a Salariéeë virgehäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kontrolle goufen an deene leschte 5 Joer bei privat Crèche gemaach, fir sécher ze stellen, dass den Agrément agehale gëtt?
2. Wéi vill Prozent mëscht dat en vue vun der Gesamtunzuel u private Crèchen aus?
3. Wéi vill Crèchë goufe méi wéi 1 Kéier an de leschte 5 Joer kontrolléiert a wéi oft?
4. Wat fir Verstéiss goufe bei dëse Kontrolle festgestallt? Kann d'Ministesch duerleeën, wéi vill Prozent déi jeeweileg Verstéiss par rapport zur Gesamtunzuel u Verstéiss ausmaachen?
5. Wat fir Prozedure ginn ageleet am Fall wou Verstéiss festgestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten